

2. Composition de la Commission juridique

An hirem Bréif vum 7. Mäerz 2002 huet d'CSV-Fraktioun virgeschloen, datt den Här Lucien Weiler an der Commission juridique duerch den Här Ady Jung ersat gëtt.

Ass d'Chamber domat averstan?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

3. Retrait du rôle des affaires de la proposition de loi 4769 portant réforme du salaire social minimum

Op Ufro vun der sozialistescher Fraktioun huet d'Presidentekonferenz an hirer Réunioun vum 7. Mäerz virgeschloen, d'Proposition de loi 4769 vum Här Lucien Lux iwwert de soziale Mindestloun vum Rôle vun der Chamber ze sträichen, well se an der Tëschenzäit géigstandslos ginn ass.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

4. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 7. Mäerz hat d'Presidentekonferenz en Ordre du jour proposéiert, deen d'Chamber an hirer Sitzung vum selwechten Dag ugehooll huet.

E Freideg, den 8. Mäerz huet d'Mme Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges iwwert de Ministre aux Relations avec le Parlement matdeele gelooss, datt si aus zwéngende Grënn en Donnschdeg, de 14. Mäerz net an d'Chamber komme kann.

No Récksprooch mat de Verantwortlechen aus de Fraktiounen schloen ech deemno vir, de Projet de loi 4875 iwwert de Bau vum Péitenger Lycée op e spéideren Datum ze verleeën.

Ass d'Chamber domat averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Haut de Mëtteg ass eng Froestonn un d'Regierung op eisem Programm virgesinn. Laut Artikel 78 vun eisem Chamberreglement huet den Deputéierten zwou Minuten Zäit fir d'Fro ze stellen an de Minister véier Minutte fir drop ze äntweren. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositoun.

Als éischt hu mer d'Fro 210 vum Här Fred Sunnen un de Wirtschaftsminister iwwert de Kaf vun engem Terrain an der Zone industrielle Déifferdeng-Zolwer.

Den Här Fred Sunnen huet d'Wuert.

5. Heure de questions au Gouvernement:

- Question 210 de M. Fred Sunnen concernant l'achat d'un terrain dans la zone industrielle Differdange-Soleuvre

M. Fred Sunnen (CSV).- Här Minister, et ass mer zu Ouere komm, dass Dir an Ärer Eegenschaft als Ekonomiesminister en Terrain an der Zone industrielle Déifferdeng-Zolwer sollt kaaft hunn; en Terrain an enger Gréisstenuerdnung vun ongeféier 36 ha.

Ech wollt lech froen, Här Minister, ob dat stëmmt oder ob et nëmmen eng Rumeur ass? Wann et stëmmt, da wier ech frou vun lech Renseignement ze kréien, firwat den Terrain gebraucht gëtt. Ech erënneren dorun, dass den Terrain an direkter Proximitéit vu Kronospan a vun der RECYMA läit. Déi leschtgenannte Sociéitéit bedreift déi gréisste Bauschuttdeponie, déi mer hei am Land hunn, an d'Leit bréngen esou Rumeuren direkt an Zesummenhang mat enger Vergrësserung vun der Deponie.

Menges Wëssens gehéiert déi ganz Zon zum Crassier Déifferdeng, deen amgaang ass ofgebaut ze ginn, an da géif se och an d'Kompetenz vun der AGORA falen. Ech wier frou, Här Minister, wann ech doriwwer kënnt Opschloss kréien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Merci, Här President. Ech wollt dem honorablen Här Deputéierte Sunnen soen, dass weder de Wirtschaftsministère nach iergendeen aneren Departement bis elo Terrainen um Pafewee zousätzlech kaaft huet, och keng 36 ha. Ech wollt awer gläichzäiteg soen, dass sämtlech Terrainen, déi an Zukunft vum Groupe sidérurgique net gebraucht ginn, Vocioun hunn, fir vun der Gesellschaft AGORA eventuell, sou wäit wéi d'Sidérurgie se cédiert, opkaaft ze ginn. Iwwer eng Affectatioun kann een eréischt schwätzen, wann ee selwer Propriétaire vun den Terrainen ass.

M. le Président.- Mir kommen elo zur Fro 211 vum Här Mars Di Bartolomeo un den Här Aarbechtsminister iwwert d'Aarbechtsgenehmigung fir Camionschauffeuren. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

- Question 211 de M. Mars Di Bartolomeo concernant les modalités d'attribution et les spécificités des permis de travail des chauffeurs de camion

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aarbechtsrechtlech Froen am Zesummenhang mat Transportfirmen oder anere Firmen, déi hire Sëtz hei zu Lëtzebuerg hunn, hir Aktivitéiten awer haaptsächlech am Ausland hunn, sinn net nei.

Am Kralowetz-Dossier, wou déi meeschte Chauffeuren aus Drëttlänner koumen, gouf 1993 fir d'lescht tranch-